## 11.01.1988 : 38. Comitéssëtzung

Haaptsächlech ginn an dëser Comitéssëtzung d'Détailer festgeluegt vum Theater (23., 24. an 30. Januar1988). Festgeluegt gët och den Datum vun eiser Generalversammlung : 6. März 1988 em 16.00 h.

---

## 22.02.1988 : 39. Comitéssëtzung

Mir kréien de Bilan (finanziell) vum Theater präsentéiert vum Caissier René Putz. Och de Bilan iwwert d'Organisatioun vum Theater a ronderëm den Theater gët diskutéiert. Verschidde Verbesserungen ginn an d'A gefaasst.

Weider gët och d'Organisatioun vun der Generalversammlung a vum lessen duerno beschwat.

---

## 21.03.1988 40. Comitéssëtzung

D'Chargen ginn nei op déi « al » Leit verdeelt.

Aner Punkten op dem Programm e.a. : Memberskaarten, Konferenz iwwert die Bio-Guart, Opstelle vu Bänken, Blummenaktioun, Duerffest a Beschwätze vum Rendez-vous mam Schefferot.

---

## 11.04.1988 41. Comitéssëtzung a Rendez-vous mam Schefferot

Bis 9 Auer, virum Alafen vum Här Buergermeeschter, beschwätze mer nach den Trëppeltour vum 1. Mee, dee jo, wéi an der leschter S¨tzung beschloss gouf, net méi vun den « Altwiisser Wanderfrënn » organiséiert an dofir vun eis iwwerholl gët ; Blummenaktioun an e Video-Owend beim Bouler, wou all Filmer, déi de René Zambon vun de Wiisser Leit gedréit huet, gewise solle ginn.

Géint 9 Auer ass dann de Robi Schmit agetraff. Déi zwee Scheffen waren och präsent.

Beschwat goufen all Themen, déi d'Gemeng an d'Wiisser Leit intresséieren, vum Duerfkäer iwwer d'Opstelle vu Bänken bis zum Problem Rido.

Enn vun der Sëtzung : 11.00 h.

---

## 09.05.1988 : 42. Comitéssëtzung

Bilan vum 1. Mee : Et waren net vill Wiisser mat. 1989 allerdéngs wëlle mer den Tour erëm organiséieren.

Bilan Memberskaarten : 25.260.- Frang ageholl, 149 Membren, zousätzlech bis elo 49 Éiremembren (7.850.- Frang).

Weider Punkten om Programm :

- Blummenaktioun
- Duerffest
- Weekräiz om Dierbelt : Mir wëllen do, zesumme mat der Gemeng an dem Service des Sites et Monuments vum Här Calteux e Weekräiz zréckstellen an d'Plaz flott amenagéieren.

Zum Schluss vun der Sëtzung ginn dann nach Bréidecher a Wirschtecher (Iwwerreschter vum 1. Mee) servéiert.

---

## 30.05.1988 : 43. Comitéssëtzung

Bilan Blummenaktioun, Organisatioun vum Duerffest an e.a. eng Diskussioun iwwert d'Rapportën Wiisser Leit – Fanfare Mondorf-Altwies.

---

## 19.09.1988 : 44. Comitéssëtzung

Mir zéien de Bilan vun eisem Duerffest : Boni 62649.- Frang.

Mir leeën och d'Détailer vun eisem Hierscht-Wanter-Programm fest :

- Kachcours 27.10.1988 bis Ufank Dezember
- Trëppeltour Ufank November
- Theater (10., 17., 18. Dezember)
- Kleeschen (5. Dezember)
- Éierung vun deenen Eelsten

Beschwat ginn awer och schonn

- d'Duerffest '89 an
- d'Grouss Kiermes '89, wou eventuell eng speziell Organisatioun (Hobbyausstellung) soll ofgehale ginn, well mir jo '89 och eist5-jähregt Bestoen feieren ;
- Planzen laanscht d'Baach mat de Gemengenaarbechter an de Schoulkanner (10.000.- Frang ginn dofir virgesinn) ;
- eng Visite an der Paulus-Dréckerei ;
- d'Sécherheet an der Lëtzebuerger an an der Munnerëferstrooss.

---

## 24.10.1988 : 45. Comitéssëtzung

Themen om Programm :

- Trëppeltour
- Generalversammlung an Ofschlossiessen
- Sécherheet op der Strooss (Munnerëf, Lëtzebuerg)
- Theater
- Hobbyausstellung
- Planzen.

Da kënnt awer och nach de Scheffen Frank Zeimet

---

## 21.11.1988 : 46. Comitéssëtzung

Kleeschen, Theater, Programm vum Wanter, déi Eelst a Quiz sinn déi wichtegst Punkten om Programm.

Eng « Décision de principe » gouf awer och geholl iwwert d'Corbeillen bei der Theatertombola. Eestëmmeg (mat enger Enthalung) gouf décidéiert, dass jidfer Comitésmember eng Corbeille fir d'Tombola stëfft : nëmmen aktiv Theaterspiller a Regisseurin sinn dovun entbonnen.

---